
JEAN-MARC LANTZ

# Magnetosaurus

## NOSTALGODON

ROMAN



CAPYBARABOOKS

# HELLHOUND ON MY TRAIL

*“I got to keep movin’ (...)*
*Blues fallin’ down like hail (...)*
*And the days keeps on worryin’ me*
*There’s a hellhound on my trail (...)*

*I can tell the wind is risin’ (...)*
*Leaves tremblin’ on the tree (...)*
*All I need’s my little sweet woman*
*And to keep my company”*

(Robert Johnson: *Hellhound on my Trail*)

De grousse schwaarzen Hond stoung mat senge viischte Patten an der Rumm vun der Stalldier an huet de Joé ugekuckt. De Jong wosst, dass e wéischt wier, well d’Leit am Duerf hie gewarnt haten. Déi éischt Vakanz ouni Elteren, eleng mat de Kolleegen an engem ale Bauerenhaus, wäit ewech vu Péiteng. Alles, wat hie sech ëmmer gewënscht hat – an elo hat hien Angscht. Hie war ganz fréi op, wéi ëmmer, an déi kleng Epicerie louch um Wee laanscht den Haff mam béisen Hond. Mat den zwou Tuten an den Hänn blouf hie stoen, an huet zeréckgekuckt. Seng grouss Schwëster hat him eng Kéier gesot: „Wann e friemen Hond bei dech kënnt, hal him lues deng Hand dohin. Hie wäert se richen an dech akzeptéieren.“

Wat war fir d’éischt do? Seng ausgestreckten Hand oder den Hond, dee ganz roueg, esouguer fréndlech bei hie koum? Wéi en dunn attackéiert huet, gouf et just nach eng panesch Hetz; ëm den Eck aus dem Duerfkär eraus, mat engem wëllen Hechelen hannendrun – oder war hien dat selwer? –, iwwer spatz Steng, duerch Traktersspuere voller Reewaasser a Mëscht. Den Himmel huet viru sengen Ae geliicht an d’Wisen, d’Kéi, de Waassertuerm, wäit ewech, dunn d’Haus, endlech, hu geziddert op senger Flucht viru sengem ganze Liewen a Richtung Horizont. An ëmmer manner Loft. Wéi hie mam Réck widdert der zouener Hausdier stoung, am däischtere Gank mat den nidderege Putteren, hu säin Häerz a seng Longe gebrannt. All Problemer waren op eng onerkläerlech Aart a Weis geléist. War zougespaart gewiescht? Hie wosst et net, de Schlëssel war an der Boxentäsch. Vum rosene Béischt dobausse keng Spur, kee Mënsch op der Strooss, an déi aner dräi hunn nach ëmmer geschlof. Absolut Rou. Nieft him op de schwaarz-wäisse Plättercher: déi zwou Akafstuten. Et war nach alles dran.

Iwwerhaapt war villes an dësem Haus, an dëser Zäit, onerkläerlech. Moies hat hien erëm, virun deenen aneren, an der Minikabinn geduscht, an där e blanke Kabel mat enger aarmséileger Bir bis op den Duschkapp erofhoung. Firwat huet kee sech vun hinne beschwéiert – oder elektrocutéiert? Wéi hie sech am verschmierte Spigel gesinn huet, huet hie seng Eltere verflucht. Et war onverkennbar, dass hien hiert Kand war, et war alles a säi Gesiicht gemeesselt.



Firwat hu seng Frënn hiren Eltere kaum geglach? A firwat hu si seng esou sympathesch fonnt? Méiglecherweis goufen et nach vill Saachen, déi hien net wosst. Zum Beispill, firwat d’Buedbidde voll mat kalem Waasser a klenge, schwaarzen Hoer war. Ganz vague huet hie sech un dat Meedchen erënnert, dat ee vun hinnen d’Nuecht virdru vum Dëppefest matbruecht hat. Si waren all platt gewiescht, dass d’Éisleker et fauschtdéck hannert de Kabesoueren haten. Dobäi wollte si deenen dach eigentlech d’Feiere bäibréngen. Wou war hatt elo? Do uewe beim Gibbes? Firwat net hei ënne bei him? A firwat hat keen déi heroesch Flucht virum Hond gesinn? Hannenno wär et just nach eng Anekdot vu villen, wéi ëmmer. Sollten all seng Schicksalsmomenter ouni Zeie geschéien? D’Buedzëmmer huet no Camping geroch an nom Gibbes sengem Tabac After Shave. Hie war deen eenzegen, dee sech schonn all Dag raséiert huet. Naass, dat war cool. De Joé huet gehofft, fir säi Gebuertsdag en eegenen Apparat ze kréien, sengem Papp säi war ze al. Hien hat Denim Musk dobäi, fir ze üben. Moschus zitt Fraen un, dat war wëssenschaftlech bewisen. Leider krut een am August seele fir säi Fest gratuléiert, da waren déi meescht fort, och d’Fraen. Ausser dat „Fettegt“, dat doheem ëmmer mam Hond ronderëm säin Haus geschlach ass, fir him duerch Zoufall ze begéinen.

Hien huet lues d’Musek ugemaach, Waasser opgesat, Holz an de Kamäin getässelt a versicht e Feier unzefänken. Hie war kee Scout. D’Feier huet nëmmen de Gank gehëtzt, net déi aner Raim, mee et huet hie faszinéiert.

Dat gouf et net doheem. Vläicht war hie jo e Pyroman, wann och en inkompetenten. Mam gliddege Kaffi an der Taass huet hie sech bei d'Fënster gesat an iwwer d'Felder gekuckt, déi am Niwwel verschwonne sinn. Hien hat nach en décke Kapp a konnt sech ganz verschwommen un de Parzeläinskomp erënneren, deen hie stonnelaang vu banne gekuckt hat. Eng Stëmm (dem Gibbes seng?) hat stänneg geruff:

„Da bäiss op d'Pastillen. ‘t ass Lebertran dran. Da kënnt et der bestëmmt héich. Bäiss drop! Dajee! Kna se! Muer de Moie klapps du dir dräi réi Eeër. An engem Zoch erof!"

Am Frigo ware glécklecherweis keng Eeër. Hien huet déi kleng Fënster opgemaach an de Piffkauleparfum ageotemt. Si soten, dat wier gesond. Et war e kille Summer. D'Luucht huet nach ëmmer geblennt, d'Sonn huet vun uewen den Niwwel gepisakt. „Falscht Liicht, Migränewieder", huet d'Mamm dat ëmmer genannt. Hien huet sech awer gewënscht, de ganzen Dag sollt am Donst agewéckelt bleiwen, déi kill Heemlechkeet vum fréie Moie sollt ni ënnerbrach ginn, déi aner sollte weiderschlofe bis an all Éiwegkeet, Amen. Et wier méi flott gewiescht, am Wanter hei ze sinn, wann d'Heemlechkeet vum Feier kéim. An natierlech mat där richteger Persoun. Schnéi war fir hien en Urzoustand, de Summer war Verfall an Allergie. De Blues koum wéi déif aus der Äerd an huet déi elektresch Sträichmaschinn am Stall niewendrun als eenzegt Geräisch ofgeléist. Op eemol wosst hie ganz kloer, dass och dëst Bild eng Kéier a Sepiatéin verblatze géif an esou wäit ewech vun him wier, wéi de Bluessänger op der aler Kassett et elo scho war. Mee hie wosst och,



dass dësen Dag nach esou munches brénge géif, ier hien e selwer zu engem Lidd maache kéint.

Den alleréischte Moien, nodeems d'Eltere si am Duerf um Bierg ofgesat haten, hunn hien a säi beschte Frënd, de Muck, d'Mäntel ausgetosch a sinn am Wand an am Reen trëppele gaangen. Si hunn déif duerchgeotemt, wéi wa si um Mier wieren, an hunn d'Zäit genoss, ier déi aner zwee Kollege kéimen. Si hate wëlles, vill Musek zesummen ze maachen an op sengem ITT Schaub-Lorenz Mono opzehuelen. Si hu vu Fräiheet gebierelt, vun Iwwermutt gesongen a wossten, si géifen éiweg liewen. Si hunn e gigantesche Moukepräbbeli aus dem Dännebësch duerch déi kleng Stroosse bis bei hiert Haischen heemgedroen a geruff:

„Deen hei gëtt sech den Owend an d'Pan geklaakt! Kuck emol, déi schéi rout Faarf! Ech froe mech, firwat deen ‚grénge Mäerder' heescht! Déi wäiss Punkte kraze mer einfach ewech!"

Si wollte wëssen, ob d'Leit vum Land, déi hannert de Riddoen de Jongen aus dem Minett nogekuckt hunn, si géife virum sécheren Doud retten. De Bauer vu vis-à-vis koum klappen an huet hinne bei enger Rei ugemaachen Drëppe vum grousse schwaarzen Hond erzielt. De Josy huet hinnen och den Tipp mat den Duerffester ginn.

Op engem vun deene sëllege Scheierconcerten, déi d'Bouwe staark vum Musekmaachen ofgelenkt hunn, sinn owes zwee Meedercher aus dem Nopeschduerf mam Kierchechouer opgetratt. De Muck an hien hu si mat Grimassen esou aus dem Takt bruecht, dass si op

der Bühn virun all de Leit just nach gekickelt hunn. Si hu sech kennegeléiert an heemlech getraff, well hannert deenen zwee och eng belsch Rockerband hier war. Dofir hat jiddwereen ëmmer säin Dolch dobäi. Dëst Abenteuer war bal perfekt, bis si, fir d'Meedercher ze iwwerraschen, sonndes moies während der Mass op den Ducksall geklomme sinn a ganz haart matgesongen hunn. Nom drëtten „Hallelujah“ war all Kontakt mat de blaméierte Sängerinne fir ëmmer verbueden. Deem enge säi Papp war de Fierschter, deem anere gouf eng Affär mam Paschtouer nogesot. Sou vill hate si schonn héieren, mee et blouf keng Zäit, fir et am Detail nozefroen. De klenge Brudder hat alles verroden. Hie war ëmmer als Alibi mam Hond hannendru gelaf an huet dann iergendwéi vum Fritz a vum Gibbes misse beschäftegt ginn, wann de Muck an de Joé gefrien hunn. Nom Kierchefiasko war den Duerffridde gestéiert. D'Meedercher kruten Hausarrest. D'Jongen hu sech an hiert Haaptquartéier zeréckgezunn an hir Wonne geleckt. D'Zauberzäit goung an der Flemm ënner an de Blues huet sech breetgemaach. Iwwer onerkläerlech Weeër gouf awer en Nuets-Rendez-vous ausgehandelt, an dësen Owend sollt et esou wäit sinn.

Déi zwee Jongen hu laang am orange Schäi vun de Stroosseluuchte virun de Meedercher hiren Haiser am Nopeschduerf gewaart. Nummer fofzéng an nonzéng. Trotz dem verréideresche Kräsi hu si sech un d'Dieren an d'Fënsteren erugeschlach, fir an däischter Stuffen oder Kichen eranzekucken, mee konnten näischt erkennen. Keng nach esou kleng Liichtche war ze gesinn. Keng Geheimzeeche mat enger Täscheluucht.



Et koum keent. Wat war schifgaang? Aus Langweil hu si e Cowboysduell gespillt. Ëmmerhi ware si an engem Kouduerf. De Muck huet meeschtens säi Fanger méi séier wéi de Joé gezunn. All Doud gouf méi dramatesch wéi dee virdrun, wann hie sech am Stëbs vun der High Street vu Laramie gewenzelt huet. Eng Stonn no Mëtternuecht hu si sech midd an enttäuscht op den Heemwee duerch de Bësch gemaach. Si hunn déi schwaarz Strooss duerch den Dall gutt kannt. Op Kilometere keng Mënschen, nëmmen d'Geräischer vun der Natur a vläicht e Stär ganz héich tëscht den Dännespëtzen. Awer déif ënnen, bei der klenger Bréck iwwert der Baach, wou keng Gehaansfénkelcher méi de Stroosserand beliicht hunn an d'Nuecht keng Grenze méi hat, koum d'Angscht zeréck. Schwaarz, absolut Fräiheet, e béisen Dram! Wéi den Auto, deen hinnen nogefuer war, d'Pharen ugemaach huet, fir si am Liicht ze figéieren, stounge si Hand an Hand. De Mann huet de Motor lafe gelooss an ass mat enger Flënt erausgeklomm. Et souz en décke schwaarzen Hond hannen am Jeep.

„Jongen, ech sinn de Fierschter, a wann dir nach ee Millimeter méi no op eis Terraine komm wäert, hätt ech iech erschoss. Mir hunn iech zwee Idioten déi ganzen Zäit nogekuckt. Vun elo u loosst dir är dreckeg Fangere vun eisen Duechteren, dir Säckdréier!“

Säi Schoss huet dat ganzt Dall zerrappt, a si sinn hellewech gelaf. Si hunn de Wee aus der Déift gespuert, iwwert d'Bréck, laanscht de Fiels mat der Quell, net iwwer d'Ofkierzung, ëmmer op der Strooss bleiwen, nëmmen net ofwäichen, jiddweree fir sech erop op de Bierg, vläicht esouguer an d'Sécherheet. Si hunn

d'Beem hannert sech gelooss, de Mound huet hinnen duerch presséiert Wolleken e bësse gehollef. Hir Häerzer an hir Longen hu gepeffert a goufe gläich vum Wand a vum Reen ofgekillt. Ouni Otem hu si sech uewen op der Kopp hir Mäntel erëmginn a si betount beschwéngt zu hirem Haus spadséiert, wou déi aner zwee bestëmmt schonn erëm geschlof an näischt matkritt hunn. Mee wéinstens gouf et dës Kéier een Zeien.

„Hallelujah! Dat do gleeft eis keen!"

„Du leefs ewéi eng Bitzmaschinn!"

„An deng Aaschbaken hu Feier geschloen!"

„Mäi Papp war am Krich, mee dat war mat zwanzeg. Ech si scho mat fofzéng bal erschoss ginn!"

„Dat hei ass och Krich! Stell der mol vir, d'Sau hätt den Hond lassgelooss!"

„Oh nee, zweemol an engem Dag dem Doud fortlafen ... dat ass wéi wann s de zweemol moies d'Sonn opgoe gesäis!"

„Doriwwer schreiwe mer e Blues! ‚Shots in the Night'."

„Méi wéi een! ‚Double Sunrise'!"

Zeréck am Elterenhaus huet hien d'Resultater op der bëlleger C-180 Kassett esou dacks gelauschtert, dass si bis zum Verkënnen ëmmer agepräägt géife bleiwen. Iwwer zwou Stonne Musek! Endlech hat hien eppes geleescht, wat dauere géif, wat d'Zäit an d'Enttäuschungen iwwerbrécke géif. Eppes, mat deem hie seng Kanner spéider nerve kéint, sou wéi säi Papp hie mat Russlandgeschichte genervt huet. Mee ier seng Frënn de Best-of vun de *Black Dog Sessions* virgespillt



konnte kréien, huet d'Tounband sech esou verdréint a verknuet, dass och eng deeglaang Oprullaktioun mam Bläistëft näischt méi rette konnt. Aus Roserei huet hien d'Kassett an den Drecksbac gehäit.